



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. September 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Mat der Aktualiséierung vun de Farpläng am Dezember d'lescht Joer gouf d'Buslinn 305 (fréier 157) vu Saaruerg an d'Stad de Weekend komplett agestallt. Et steet keng alternativ Verbindung mam ëffentlechen Transport zur Verfügung. Dës Decisioun betrëfft grad an den däitschen Dierfer op där Streck esouwuel ganz vill Lëtzebuerg, déi hire Wunnuert déi Säit vun der Musel verluecht hunn, well si sech déi héich Logementspräisser hei am Land net méi leeschte kënnen, ewéi och Grenzgänger, déi zu Lëtzebuerg schaffen. Duerch d'Sträichung vun der Buslinn gouf dës Leit all Méiglechkeet geholl, de Weekend nach ouni Auto op Lëtzebuerg schaffen ze kommen, Bekannter ze besichen oder och nëmmen akafen ze goen.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi begrënnt den Här Minister seng Decisioun, fir dës Leit de Weekend komplett vum ëffentlechen Transport ofzeschneiden? Gouf alternativ d'Méiglechkeet gepréift, den Takt unzepassen, respektiv déi grouss Bussen duerch Minibussen ze ersetzen? Falls jo, firwat gouf keng vun dësen Optiounen zeréckbehalen? Falls net, firwat net?
- 2) Kann den Här Minister begrënnen, wéi dës Decisioun sech mat deem grénge Zil verbënnt, d'Leit ze motivéieren, méi op den ëffentlechen Transport zeréckzegräifen?
- 3) Ass den Här Minister net der Meenung, datt déi Leit a ländleche Géigenden duerch seng Verkéierspolitik gläich duebel gestrooft ginn, well si iwwert hir Steieren den ëffentlechen Transport matbezuelen, deen si selwer net notze kënnen, a parallel nach vun der Steierpolitik, déi op méi héich Bensinnspräisser ofziilt, mat beträff sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten